N°6365
Reçue le 16.06.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 16.06.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/06/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.

All Joer schreiwen d'Primärschoulschüler um Enn vum Cycle 4.2 d'Epreuvë vum PFS (Passage de l'enseignement fondamental à l'enseignement secondaire). D'Resultater vun dësen Epreuvë fléisse mat an d'Entscheedung an, a wéi een Enseignement Secondaire e Kand vum Léierpersonal an den Elteren orientéiert soll ginn. Wann d'Elteren an d'Léierpersonal sech net eens gi bei dëser Entscheedung, kann eng Orientéierungskommissioun aberuff ginn, déi dann eng Entscheedung trefft.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wei oft ass an de leschte 5 Joer esou eng Kommissioun aberuff gi pro Schouljoer?

2. Wei oft pro Joer gouf an de leschte 5 Joer vun der Orientéierungskommissioun eng Entscheedung getraff, déi der Meenung vum Léierpersonal entsprach huet a wéi oft där vun den Elteren?

3. Gëtt no de Sëtzunge vun der Orientéierungskommissioun e Suivi gemaach, fir ze kucken, op déi concernéiert Kanner no der Orientéierung an de Lycée d'Filière nach wiesselen, well se entweder besonnesch gutt Notten oder awer Schwieregkeeten hunn?

   Falls jo: Wéi vill Kanner fir déi eng Orientéierungskommissioun aberuff gi war, hunn an de leschte 5 Joer pro Joer hier Filière am Lycée nach gewiesselt (z.B. vum Enseignement secondaire général op den Enseignement secondaire Classique oder ëmgedréint)?
   Falls nee: Gedenkt de Minister an Zukunft dëse Suivi ze maachen, fir den Outil vun der Orientéierungskommissioun besser evaluéieren ze kënnen?

Mat déiwem Respekt,

Sven Clement
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner an Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6365 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement

Ad 1) an 2)

Mat Bléck op den Total vun den Orientatioune vun de Schülerinnen a Schüler aus dem Enseignement fondamental an dem Enseignement secondaire um Ënn vum Cycle 4 konnten déi pedagogesch Equipen an d'Elteren nëmmen an enger ganz gerénger Unzuel vu Fäll (manner wéi 1%) keng gemeinsam Orientatiounsdecisioun huelen, wouduerch dës Decisioun duerch eng Orientéierungskommissioun huet misse getraff ginn:

	Zuel vun Orientéierungskommissiounen (Prozenter par rapport zum Total vun den Orientatiounen)	***Den Avis vun der Equipe pédagogique gouf confirméiert***	***Den Avis vun den Eltere gouf confirméiert***
Schouljoer 2017/2018	32 (0,63%)	24	8
Schouljoer 2018/2019	32 (0,62%)	30	2
Schouljoer 2019/2020	12 (0,23%)	10	2
Schouljoer 2020/2021	17 (0,31%)	16	1
Schouljoer 2021/2022	24 (0,43%)	23	1

Ad 3)

No Ofschloss vun der Orientatiounsprozedur soll et fir de Lycée, an deen déi concernéiert Schülerinnen a Schüler ageschriwwe ginn, net ersiichtlech sinn, datt d'Decisioun vun der Orientatiounskommissioun geholl gouf an et entspriechend keen Accord zwëschent der Decisioun vun den Elteren an där vun der Equipe gouf. Um Niveau vun der Inscriptioun an de Secondaire ginn am Sënn vun der Gläichbehandelung bei de Schüler, bei deenen d'Decisioun vun der Orientatiounskommissioun geholl gouf, keng zousätzlech Informatiounen ofgeruff.

Lëtzebuerg, den 3. August 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH